

Betreff: Re: Rauswurf aus dem Bâtiment4?

Von: Richtung22 <info@richtung22.org>

Datum: 24.04.2024, 13:22

Léif Madamm Da Silva,
dir Memberen vum CA vu frEsch,

mir géife gärén als éischt sécher goen, dass bei deem Bréif net eng (oder méi) Säite fehlen. Gesi mir dat richtig, dass den Inhalt vun dem Bréif am Prinzip deen Nämlechten ass, wéi deen, deen frEsch eis den 04.04. geschéckt hat? Vu que dass dësen neie Bréif mat "Conseil d'administration frEsch" ënnerschriwwen ass: solle mir dovunner ausgoen, dass dëse Bréif vun all Member vum CA vu frEsch och mat gedroe gött?

Mir bedauern, dass Dir nach ëmmer drop verzicht, eis Grënn fir Är Entscheidung offiziell ze nennen. Allerdéngs erzielt een Ugestallten vu frEsch innerhalb vum Bâtiment 4, dass den CA vu frEsch seng Entscheidung op folgend Grënn baséiere géif:

- Dass sech aner Leit am B4 iwwer eis beschwéiert hätten.

Dat ass net esou, mir woren iwwer déi lescht Deeg am Kontakt mat der grousser Majoritéit vun de Leit am Bâtiment 4 a wëssen, dass mir de Réckhalt innerhalb vum Gebäi hunn. Falls dat wierklech Äre Virwurf ass, géife mir Iech bidden, dësen z'iwwerpräiwen.

- Dass mir eis net un den ROI gehalen hätten.

Mir wéilten gärén wëssen, wéi een "ROI" domadder gemengt ass. Deen eenzeg ROI, deen am Bâtiment4 bis elo existéiert huet, gouf vun eis selwer mat ausgeschafft a gouf vu frEsch am Februar 2023 ausser Kraaft gesat. Och hu mir eises Wëssens net géint eng vun deene Reegelen verstouss. Mir géifen Iech hei also bidden, w.e.g. ze präziséieren, wourëms et geet.

- Dass mir Schlässer ausgetosch hätten.

Mir hunn effektiv Schlässer vun den Dieren vun eise Räum changéiert an dat mat guddem Grond. Wéi vu frEsch zentral Schlässer an d'Dieren vum B4 agebaut goufen, gouf net gekuckt, dass d'Schlässer och op all d'Dier-Modeller passen. Zanter Uganks vum Joer klemmt eng Dier vun eisem Atelier komplett, d'Schlass ass ze breed fir d'Dier, an dat Ganzt huet sech verhakt. Mir hunn den facilitateur technique méi wéi eng Kéier drop ugeschwat, mee hien huet sech geweigert sech drëms ze këmmere. Well dat zweet Schlass och Problemer hat a mir d'Suerg haten am entscheidene Moment vun eiser Theaterstéck-Produktioun eis esou auszespärren, hu mir iwwergankswies aner Schlässer agebaut an och doriwwer den facilitateur technique informéiert. Dat ass elo keng zwee Méint hier an falls dat wierklech fir frEsch e Problem wier, hätt een dat einfach uschwätze an natirlech séier eng Léisung fanne kënnen.

Et wier wichteg, als éischt vun Iech bestäetgt ze kréien, dass dëst d'Virwërf sinn, op déi dir tatsächlech Är Entscheidung baséiert hudd. Et verwonnert eis immens, dass kee Kontakt mat eis gesicht gouf. Zanter der Reunioun am November, wou mir Iech eis Pläng fir d'Zukunft präsentéiert haten, hate mir jo bis zum Rauswurf-Bréif näischt vun Iech héieren, et wier dat einfachst an dat mënschlech gewiecht, sech bei eis ze mellen, wann et Problemer gi géifen. Mir betounen, dass mir nach ëmmer oppen sinn, fir klärend Gespréicher a fir no enger gemeinsamer Léisung ze sichen.

Zousätzlech ass et eis wichteg nach eng Kéier ze betounen, dass mir et reng logistesche net packe wäerten, de Bâtiment 4 bis zum 31. Mee ze verloossen. Mir hu keng alternativ Räum oder Lager. Och gi mir net dovunner aus, dass Dir, wéi et am Bréif heescht, d'Räum gärén esou zeréck hätt, wéi mir se virfonnt hunn. Mir hunn hei CUEVA-Ausstellungsraum, bei deenen alles, inklusive Fenster, Lavaboen an Heizung a grelle Faarwen iwwermolt wor, renovéiert. Och misst mat eis geschwat ginn, wat mat all deenen Miwwelen ass, déi Richtung22 zu den Gemeinschaftsraum bäigedroen huet.

Mir verstinn net, firwat Iech un dëser extremer Konfrontatioun geleeën ass. Dat ass a kengem sengem Interêt. Dowéinst biede mir Iech heimat nach eng Kéier, den Dialog mat eis ze sichen.

Bescht Gréiss,